


De Weekend vum 24. bis de 26. Mee war de Flyfishing Club aus Letzebuerg fir eng Sortie bei d´Céline an de Vincent op den Domaine de Coyolles a Frankräich gefuer. U sech hate mir de Vincent als Piechter vum Domaine de la Salamandre zu Latilly kenne geléiert, mee nodeems Hien net méi do zoustänneg war fir d´Fëscherei war de Kontakt zu Him ofgebrach. Et war onse Memberen awer zu Ouere komm dass Hien een neie Site fir mat der Méck ze fëschen opgemaach hätt an esou ass et dunn dozou komm dass wärend enger Sortie op Latilly sech zwee vun eise Memberen eng Kéier virgeholl hate mol bis bei de Vincent kucken ze goe wat mat Sécherheet och domat zesumme gehaangen huet dass de Vincent eis ëmmer ganz sympathesch war duerch seng Aart a Weis ewéi Hien eis betreit huet. Et huet dunn awer nach ee bëssen gedauert, eis zwee Kolleegen hunn eis zwar verzielt dass et Hinne gutt gefall hätt mee mir hunn awer trotzdeem missten am Virfeld eis informéieren op mir als Club iwwerhaapt d´Méiglechkeet hätte fir eng Sortie vun ee puer Deeg op hiren Domäine ze organiséieren an ewéi dat bis gekläert war ass eise Club dunn am Joer 2017 mat fënnef vun eise Memberen eng éischte Kéier dohinner gefuer fir ee Weekend do ze fëschen. Vum éischte Moment aus un hu mir eis beim Céline a beim Vincent wuelgefillt, huet Een dach zu all Moment Gefill gehat wëllkomm ze sinn. Natierlech huet och den Oflaf vun eiser éischter Sortie dozou bäi gedroen dass des Sortie an eisem Kalenner net méi ewech ze denken ass. Zu Coyolles fanne mir als Méckefescher Alles vir wat eis Passioun esou ausmécht, een ofwiesslungsräiche Site mat enger ganzer Rei vu Weieren déi och nach duerch Kanäl mat enee verbonne sinn a wou ze guer Weiere si fir mat der Méck op den Hiecht ze fëschen. Natierlech, dat kannten mir scho vu Latilly aus, huet de Vincent seng Weiere gutt besat mat schéinen a staarke Forellen an dernieft kann Een och mol een oder anere Black Bass fänke wat an eise Breedegrade schonn net Alldeeglech ass. Esou kennt et dann och dass eis Fëscher natierlech och d´Geleeënheet ergräife fir op den Hiecht ze fëschen an et sinn och nach all Kéiers ee puer méi kléng Hiechten an och mol deen een oder anere méi kapitalen Hiecht dobäi gefaange ginn.













11 Membere vun eisem Fëscher Club haten sech also op de Wee gemaach fir zesummen eng flott Sortie ze erliewen, Ech fir mäin Deel si vun Esch aus gestart an no gutt dräi Stonne just mat Zäit zu Coyolles ukomm fir d´Mëttegiessen, woubäi mir scho beim nächste Punkt sinn deen den Domäine de Coyolles esou erliewenswäert mécht nämlech d´Ënnerbréngung an d´Betreiung wärend eisem Openthalt. Wien dobäi eng Stäre Kichen erwaart ass hei gewëss op der falscher Plaz mee den hausmaacher Kascht deen zerwéiert gëtt passt ewéi d´Fauscht op d´A bei dëse Site.

Och d´Zëmmere bidde kee Luxus mee si propper a genee esou ageriicht ewéi een dat fir eng Sortie vun engem Fëscher Club benéidegt. Neierdéngs gehéiert elo och nach ee Gite zum Domäine deen dann och nach zousätzlech Kapazitéiten bitt fir eis Fëscher ënner ze bréngen. Niewent den zousätzleche Plaze kann een elo beim Gite och nach vun engem zousätzleche Weier profitéiere fir ze fëschen. Eis Memberen déi am neie Gite ënnerbruecht ware si jiddwerfalls begeeschtert gewiescht vun dëser Vergréisserung vum Site.









Et waren och des Kéier Memberen dobäi déi nach een Dag dru gehaangen haten an duerfir schonn Donneschdes ugereest ware wat mat sech bruecht hat dass Sie schonn Alleguerten ee Muskelkater vu villen fëschen haten an Eis, déi eréischt den Dag duerno ukomm sinn, schonn esou munches

Fëscherlatäin zum Beschten ginn hu wat déi vill Fësch ubelaangt déi Sie scho gefaangen hate mee dat huet eis natierlech direkt motivéiert an esou waren d Staange séier montéiert an och all déi aner Memberen hunn un hirem Muskelkater geschafft. Zum Gléck gëtt dat villt fëschen awer och zu Coyolles oft genuch ënnerbrach ....... woubäi mir beim Iesse wären. Moies geet et u mat Kaffi deen um aacht Auer zerwéiert gëtt, dann ee bësse fëschen a scho setze mir beim Aperitif a genéissen eist Mëttegiessen. Nom Mëttegiesse gi mir dann erëm fësche woubäi dann awer scho mol Memberen dovunner profitéiere fir ee bëssen ze raschten, natierlech net wéinst deem ustrengende fësche mee wéinst deem villen iessen. Esou geet et da weider mat fëschen an Owesiesse mee ewell mir schliisslech dräi Deeg do sinn an een och Owes de Coup du Soir genéisse ka kennt fëschen awer mat Näischten ze kuerz an et deet dem Site och gutt dass den Drock net permanent op de Fësch läit.












Wat den Domäine de Coyolles dernieft ausmécht ass déi wonnerbar Natur déi dëse Site ëmgeet. Op dëser Plaz kann een ongestéiert seng Passioun ausliewen an den Dag genéissen a wann dann Owes d´Fräche ufänken ze quaken an den Dag zu Enn geet setzen d´Fëscher zesumme fir bei engem gemittleche Patt dat Erlieften ze rekapituléieren, jo genee esou léisst et sech aushalen.





Eis Fëscher si jiddwerfalls begeeschtert gewiescht, Alleguerten hunn hir Fësch gefaangen an d´Fësch hunn eis heibäi Alles ofverlaangt. Och Black Bass e gi reegelméisseg gefaange woubäi dës Kéier och hei scho ganz schéi Gréissten dobäi waren. Eis Fëscher déi op den Hiecht geféscht hu konnten ee puer klenger fänke mee et hat awer och ee Kapitalen ofgerappt ewell mat Fluor Karbon Nylon geféscht gi war an dee leider den Zänn vum Hiecht net Stand gehalen huet. Um Domaine selwer ass awer och ee Feschergeschäft wou een Alles ze kafe kritt wat een doheem vergiess huet oder mengt et misst een et hunn, heibäi beréit de Vincent selbstverständlech seng Clientë genau esou gewëssenhaft ewéi Hien dat beim betreie mécht och weess Hien ëmmer ewéi eng Méck de Moment am Beschten geet a gëtt de Fëscher och gäre gutt Rotschléi ewéi Sie virgoe sollen eben ewéi scho beschriwwen, bei Him a beim Céline ass Een a gudden Hänn











